



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Mee 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

De Sonndeg, 21. Mee 2023, ass et um Radio 100,7 an der Emissioun *Kaarten op den Dësch* ëm d'Sécherheetssituatioun am Land, an notament der Stad Lëtzebuerg, gaangen. Eng Verriederin vun déi Gréng huet dobäi folgend Zuele, zum Effektiv vun der Police an de rezente Rekrutementer, genannt: „30% méi Police ass schonn um Terrain. De Minister Kox huet et fäerdeg bruecht säit 2020, 900 Police Persounen ze engagéiere, dat heescht et ass méi Police um Terrain. Mee Repressioun eleng geet definitiv net duer“.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet stellen:

- Kann den Här Minister déi uewe genannten Zuelen an Informatiounen confirméieren?
- Wéi vill méi Personal ass, an Nettozuelen, y inclus alle méiglech Forme vun Ofgäng, säit 2020 beim Effektiv vun der Police um Terrain dobäi komm? Wéi eng Zomme mëscht dat Stand haut?

De Plan de recrutement fir d'Police, deem am Joer 2019 an Accord'en mat de Gewerkschafte festgehale ginn ass, gesäit vir, dass bis 2026, 621 méi Polizisten um Terrain solle sinn.

- Wéi wëll den Här Minister dës Zuel erreechen?
- Ass d'Regierung der Meenung, dass dës Unzuel u Polizisten géif duergoen, fir der aktueller Sécherheetssituatioun am Land gerecht ze ginn?

Här President, mir bieden Iech dës Froen, mat eisem déifste Respekt unzehuelen.



Elisabeth Margue
Deputéiert



Laurent Mosar
Deputéierten



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 8019 vum 22. Mee 2023 vun den honorabelen Députéierten Elisabeth Margue an Laurent Mosar

Den 1. Januar 2020 hat d'Police een Effektiv vun 1.728 Polizisten an et waren 238 Stagiairen (cadre civil et policier) an der Ausbildung. Dei 1. Well vum Recrutement extraordinaire huet 259 Stagiairen (cadre civil et policier) bruecht, woumat den Effektiv vun der Police um 01.01.2021 op insgesamt 2542 konnt klammen.

Duerch dei 2. Well ass den Effektiv op den 01.01.2022 op 2.815 Poliziste geklommen, wouvun 317 Stagiairen (cadre civil et policier) waren. Vun dëser zweeter Well konnten dëst Joer am Juni 166 Polizisten no hirem "Serment spécial" an der praktescher Ausbildung um Terrain ufänken. Duerch dei 3. Well konnten den 01.05.2023 189 Polizisten a Polizistinnen an der Schoul ufänken.

Am Abrëll 2023 sinn 176 Stagiairen aus der 1. Well assermentéiert ginn. Op den 1.01.2023 waren et 3.029 Polizisten insgesamt, mat 396 Stagiairen (cadre civil et policier).

Den Effektiv vum Policekader ass also an dräi Joer vun 1.728 Membren Ufank Januar 2020 op 3.029 Memberen Ufank Januar 2023 eropgaangen. An dësem Kontext ass et och wichteg ze ënnersträichen datt gläichzäiteg den Effektiv vum Zivilkader vun der Police vun 394 Persounen Ufank Januar 2020 op 662 Persounen Ufank Januar 2023 eropgaangen ass. Dëst weist datt d'Polizisten iwwert déi läscht 3 Joër ëmmer méi vum Zivilkader konnten entlaascht ginn, waat et hinnen erméiglecht sech ëmmer méi op hier Aarbecht um Terrain ze konzentréieren.

Wat de Rekrutement betrëfft, huet d'Police dräi ganz erfollegräich Campagnen hannert sech. Dëst Joer goufen an den Traitementsgruppe B1 a C1 191 Stagiairen ugestallt. D'Efforten fir den Rekrutement vun der Police wäerten an de nächste Jore weidergefouert ginn, fir esou déi néideg Verstärkungen ze errechen, déi d'Police brauch fir och weiderhin hier Missiounen kënnen ze erfëllen.

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX